AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu
amicalevumescherkolleisch_avek

RCS Luxembourg : F4668

D'AVEK invitéiert Iech op hir siwent Aktivitéit am Joer 2023, Donneschdeg, den **30. November um 19:30 Auer am CDI (Bibliothéik) vum Escher Jongelycée:**

Konferenz vum Robert Soisson mat Presentatioun a Verkaf vum Buch "60 Illustrators of Luxembourg" a Signature vu verschidde Cartoonisten

No sengem Premièresdiplom am LGE am Joer 1969 huet de Robert Soisson („de Rob"), Psychologie op der Ruprecht-Karls-Universitéit Heidelberg studéiert. No sengem Studium huet hien am Service Medico-Psycho-Pédagogique vun der Stad Esch-Uelzecht geschafft an ass 2006 a seng wuelverdéngte Pensioun gaangen. De Rob woar och laang Jore Member am Kommitee vun der AVEK. Hien ass zanter 2015 President vu CartoonArt a.s.b.l..

De Rob zeechent säit dem Enn vun de 60er Jore Karikaturen, Ufanks fir „D'Ro'd Wullmaus" (spéider ***Roud Wullmaus),*** a politesch lénksgeriichte Vereenegungen, spéiderhi besonnesch fir d'Zäitschréft „forum". Doriwwer eraus huet hie Beiträg zum Thema Kanner- a Jugendrecht veréffentlecht, déi mat sengen Zeechnungen illustréiert gi sinn.

D'Bicher "60 Illustrators of Luxembourg", déi mär no der Konferenz fir 30,00€ Stéck verkafen, goufen eis vum Rob gestëft an den Erléis geet integral un de **Fonds Social** vun der AVEK.

Aus organisatoresche Grënn biede mär Iech, Iech bis de 24. November per Mail op avek@avek.lu oder per Telefon um 691 88 55 11 (Ermin Sonnetti) unzemellen. Deelt eis mat zu wéi vill der kommt. De Parking vum Escher Jongelycée am Gruef („rue du Fossé") ass fir eis Memberen accessibel.

Vum 07.04.2024 bis de 14.04.2024 organiséiert d'AVEK eng **Rees op Roum** mam Thema **„Op de Spuere vun den Etrusker a de Réimer"**. D'Madamm Michèle Marnach, Professorin fir Geschicht a Latäin am LGE, ënnerstëtzt eis bei der Organisatioun a begleet eise Grupp op dëser Rees.

Notéiert Iech dës Aktivitéit an ärem Agenda. Mir schécken Iech nach méi Informatiounen an der Woch vum 20. November.

De Kommitee erënnert Iech un säi **Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**, mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommitee seet Iech Merci fir Är generéis Donen, déi Dir op de Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnt:

BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000